Grënnung.

De RC Thionville Porte de France as 1988 gegrënnt gin. Seng Pätter waren de RC Thionville an de RC Thionville Rive Droite. Et war also den drëtten Klub vun der Agglomeratioun Thionville. Zenter war äise Klub selbst Dafpätter fir de RC Thionville Malbrouck den seng Charta de 17. Januar 2004 kritt huet, an Dafpätter fir en aneren Klub, RC Audun Val d'Alzette, den seng Charta Enn 2006 kréien soll.

D'Agglomeratioun vun Thionville.

Si zielt ongeféier 200 000 Awunner. D'Haappstad as Thionville mat 42 000 Awunner an si as och de "Pol Tertiaire" (Statsadministratiounen, Schoulen, Liberalprofessiounen).
Et as eng Industriegebitt, haaptsächlech Autoindustrie. T'as och eng Atomzentral (4 Tranchen vun 1 300 MW). Net wäit vun Thionville gëtt et nach Züchtungzonen. E groussen Deel vun de Population schafft am Letzebuerg, haaptsächlech an der Stad (Thionville-Letzebuerg = 30 km) – (Th.-Saarbrecken = 75 km an Th.-Arel, an der Belsch = 45 km).

D' Klubmemberen.

Et waren 25 Fundatioungrënner. Hautesdaags gëtt et nach 15 vun hinnen, emmer nach aktif. D'Zuel vun den Klubmemberen as gesteigert bis op 40 ongeféier teschen 2000 an 2003; dono waren si méi wéi 50. Bis haut sin 79 Klubmemberen ungeholl gin well déi Eng fortgaang sin, a leider war och en Trauerfall. Et bleiwen haut 52 Memberen. De leschten as am 6. Mäarz ungeholl gin. Fraen si Klubmember, an de Durchschnëttsalter as51 Joër, den Eelsten as 63 Joër al.

D'Kluborganisatioun.

Mir versammlen eis jidder Donneschdeg an engem sympateschen Restaurant net wäit vun Thionville. Den eischten un drëtten Donneschdeg dauert Versammlung vu 19.15 bis 20 (en Aperitif as zerwéiert) , an den zweten a véierten gët et en Owendiessen vun 20. bis 22. Wenn e Monnt 5 Donneschdeger zielt organiséieren mir en Owendiessen mat de Fraen.
Während den Aperitifversammlungen schwätzen mir iwwer intern Problemen a Kommissiounarbecht, a während den Owendiessenversammlungen probéieren mir eng Konferenz ze organiséieren.
De Präsidium hält all éischten Donneschdeg eng Versammlung, no de Statuéierung, bei de Präsidiumsmemberen, der Roll no. Am November kommen déi wo virdrun Präsidenten waren zesummen mat dem Präsident, an am Dezember haben mir äis Haattversammlung währens däer mir de Präsidium wielen den am nächsten 1. Juli seng Fonktiounen hëlt.

Den Inter-Klub.

Well eben 4 Klub zu Thionville bestoen organiséieren mir all éischten Freideg e Muereskaffi vun 7.30 bis 9., zu dem all Memberen agelueden sin fir sech besser kennen ze léieren.
Et as ach e groussen Inter-Klub den die véier Klub vun Th., déi vun Hayange, Hagondange, Longwy, Briey an Audun zielt, an den all Joër d'Operation 3 E organiséiert.

D' Klubaktiounen fir d' Jugend.

De Klub huet d' Jugend als Prioritéit gewielt. Et hëlleft e puer lokal Veräiner déi sech ëm d' Jugendprobleme befaasen.
Zënter ongeféier zéng Joër participéiert de Klub am "Student Exchange" a schéckt een oder zwee Studenten an d'Auslann all Joër, an empfänkt och een oder zwee auslännesch Studenten.

Rotary International

D' Professionelaktion.

De Klub participéiert all Joër mat aneren zu „3 E": dat heescht „Entraînement à l'Entretien d'Embauche". Cheffen d'Entreprise virbereeden ongeféier 250 Kandidaten fir Astellungsgespréicher an gin hinnen Réit.

D' Internationalaktion.

De Klub huet fir e puer Deg Prtner zu „EGE" agelueden, besonnesch d' Brasilianer vu Curitiba an duerno 1 EGE vum New-Brunswick (Canada), an am Fréijoër kommen Japaner.
Fir de Moment preparéieren mir eng AIPM (Action d'Intérêt Public Mondial) déi virplangt Schoulen zu Madagascar ze renovéieren, zesummen mat eisem jumeléierten Klub vu Charleroi Porte de France (en de Belsch).
Mir huen zwee jumeléierten Klub, Charleroi an de Klub vu Bruchsal-Schoenborn a Däitschland. Mir kommen zweemol am Joër zesummen, an eemol d' Joër organiséieren mir eng Versammlung iwwer de Week-End.
Mir huen och gutt Relatiounen mat dem RC Bascharage-Kordall an mat de RC Landgraaf (Niederlande).

Finanzéirung vun den Aktiounen.

Si kënnt haaptsächlech vun de Memberkotisatiounen, an zweetens vun de Festivitéiten déi mir organiséieren. Eemol sin et Konzerten, dann Owendiessen mat Konferenz fir d' Leit unzezéien.

Äis Problemen an äis Objektiven.

Et as schwéier d' Memberen regelméisseg zesummen ze brengen. Äisen Klub zielt vill jonk Leit déi eben schaffen an de Präsenstaux as zimlech schwaach (net grad 60%).
Mir wëllen d' Aktiounen fir d' jonk Leit weiderfueren an dafir fro mir äis Memberen matzemaachen.
Fir de zwanzegsten Geburtsdag vun onserem Veräin, an zwee Joër, hu mir eng grouss Festivitéit virgesin fir äis Memberen ze mobiliséieren an am selwen de Publikum anzezéien.
Well mir net wäit vun der Grenz sin, sichen mir e Kontakt mat Veräiner aus de Niederlande an aus Italien.

Homepage.

Op äiser Homepage kënnt Dir äis Photo an Adresse fannen, d' Lëscht vum Präsidium an de Planning vun onseren Versammlungen.
http://www.rotary-district1790.com/clubs/thionville_pdf/